

De Projet de loi 4755 ass mat 52 Stëmme bei 7 Enthaltungen ugeholl.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

*Se sont abstenus:* MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4736. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Hären Hauptert, Wohlfart, d'Mme Durdu, d'Häre Koepp, Garcia a Bisdorff. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nico Loes.

#### **4. Projet de loi 4736 relatif à la deuxième phase d'agrandissement du Lycée du Nord à Wiltz**

*Rapport de la Commission des Travaux publics*

**M. Nico Loes (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4736, dee mir haut diskutéieren an dee mer och hoffentlech unanime stëmme wäerten, soll der Regierung et erlaben, déi néideg finanziell Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir no där éischter Ausbauphas vum Lycée

du Nord vu Wolz, déi mir am Joer 1995 an dësem Haus décidéiert haten, elo déi zweet Phas an Ugrëff ze huelen an duerchzeféieren.

De Rapporteur vum Projet de loi 3939, dat heescht vum där éischter Ausbauphas vum Lycée du Nord, den honorablen Här Claude Halsdorf, hat deemools schonn drop higewisen, wéi noutwendeg den Ausbau vum der Schoulinfrastruktur vum dësem Lycée wär. A wat deemools richteg war, ass haut nach ëmmer net falsch. Et geet drëm, fir dem Wëlzer Lycée déi onbedingt noutwendeg zousätzlech Infrastrukturen ze schafen, fir dass all Acteuren, d'Direktioun, d'Professeren an d'Schüler, e modernen a funktionnelle Kader kréien, deen allen Uspréch gerecht gëtt, fir dass si hir Aarbechten a Studien a jiddferengem sengem Interesse kënnen duerchféieren.

Zu den Antécédente vum dësem Gesetz wollt ech soen, dass dëse Projet de 7. Dezember 2000 déposéiert gouf. Den 18. Dezember sinn ech als Rapporteur genannt ginn, an d'Kommissioun huet de Projet diskutéiert an analyséiert. De Statsrot huet den 13. Mäerz 2001 säin Avis ofginn. Nodeems d'Kommissioun dësen Avis de 26. Mäerz 2001 examinéiert hat, ass de Projet de 14. Mee vum dësem Joer unanime an der Kommissioun approvéiert ginn. Ech soen dofir menge Kollegen aus der Kommissioun, awer och de Mataarbechter vum der Administration des Bâtiments publics a vum Ministère des Travaux publics merci fir déi konstruktiv Mataarbecht zu dësem Projet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert déi zweet Ausbauphas vum Wëlzer Lycée geet grad wéi beim éischten Ausbau am Detail op den Historik vum dëser nach jonker Schoul an, eng Schoul, déi eng aussergewöhnlech Evolutioun matgemaach huet, an dat a puncto Zuel vum de Schüler a forcément vum den Enseignanten, mä awer och a puncto Offer vum der Schoulformatioun. Erlaab mir dofir e puer Date vum der Geschicht a vum der Entwécklung vum Lycée du Nord ze ernimmen, och wann ee riskéiert verschidde Saachen ze widderhuelen, déi och scho beim Vote vum éischten Ausbau-projet gesot gi sinn.

(Interruption)

Jo, dat ass esou, Här Weiler, mä et ass besser, et seet een heiansdo Saachen zweemol, da si verschidde Leit, déi et och besser verhalen.

1954 huet zu Wolz eng éischt Klass vum deemolege berufflechen Unterricht fonctionnéiert, keng selbstänneg Schoul, mä eng Annexe vum deemolege Centre d'enseignement professionnel de l'Etat, deem heitege Lycée technique du Centre. Duerch Arrêté grand-ducal vum 18. Juni 1969 ass zu Wolz e Collège

d'enseignement moyen mat Annexen zu Élwen an zu Klierf geschafe ginn.

De 15. Juli vum selwechte Joer krut déi Wëlzer Schoul den Numm Collège d'enseignement moyen et professionnel du Nord. De Règlement grand-ducal vun 1980 huet der Schoul erlaabt, d'Division inférieure vum Sekundarunterricht unzebidden. 1989 ass d'Offer dunn erweidert gi bis Quatrième an Troisième, an duerch d'Gesetz vum 24. März 1992 konnten dunn am Joer 1993 déi éischt Schüler aus der Nordregioun de Premièresexamen am classesche Sekundarunterricht zu Wolz ofleeën.

Duerch Règlement grand-ducal vum 22. September 1992 krut déi Wëlzer Schoul, déi eigentlech 1969 gebuer gouf, hiren heitegen Numm Lycée du Nord. Bei der Schoulrentrée 1994-1995 ass den Enseignement complémentaire mat de Klasse vu Wolz, Klierf an Élwen an den Enseignement technique intégréiert ginn, deem am Kader vum Lycée du Nord fonctionnéiert.

Den Historik vum LNW beweist däitlech, dass dës Schoul a puncto Schouloffer eng grouss Entwécklung matgemaach huet, an ënnersträicht awer och am allerbeschten d'Wichtigkeet vun dëser polyvalenter postprimärer Schoul fir déi Jugendlech aus der gesamter Nordregioun.

No dësem Réckbléck op déi schoulesch Entwécklung vum Wëlzer Lycée, ass et, menger Meenung no, ubruecht, e klengen Réckbléck iwwert d'Evolution an de Problem vun de Schoulinfrastrukturen ze maachen, an dat ëmsou méi, well et sech jo hei ëm e Bauprojet handelt.

Vun 1954 bis 1969 waren d'Klasse vum postprimären Unterricht deels an de Raimlechkeete vun der Ecole complémentaire, déi där Wëlzer Gemeng gehéiert hunn, deels an engem Scoutschalet ënnerbruecht.

1972 gouf de Stat, opgrond vun enger Konventioun mat der Stad Wolz, zu 50 % Copropriétaire vun de Gebailechkeete vum Enseignement complémentaire, an deem och d'Klassen aus dem Enseignement moyen et professionnel logéiert waren. An dëse Klasse waren ëmmerhin iwwer 300 Schüler, wat natierlech bedeit huet, dass déi responsabel Leit vun der Direktioun a vum Corps enseignant net ze beneide waren, wat d'Infrastruktur vun der Schoul ubelaangt.

1973 war du fir de Schoulstand Wolz vu grousser Wichtigkeet, well de Stat dunn autoriséiert gouf, en neit Schoulgebai opzerichten. Dës Infrastruktur konnt bei der Rentrée 1975/1976 a Betrib geholl gi mat ronn 400 Schüler, verdeelt op 27 Klassen a 4 Deelzäitklassen, weider sechs Klassen hu keng Plaz am neie Gebai fonnt an hu missen op aner Plaze logéiert ginn.

Wann een den Historik vun där Wëlzer Schoul verfollegt, an als Rapporteur sinn ech der Meenung, dass een dat bei dësem Projet onbedingt maache muss, esou gesäit een d'Noutwendegkeet vun dem Bau vun dëser Schoul, an dat esou gutt bei där éischer wéi bei där zweeter Ausbauphas, well zënter der Inbetriebnahm vun deem aktuelle Gebai, wat 1975 war, d'Zuel vun de Schüler vu 419 op iwwer 1.400 eropgaangen ass, wat eng Steigerung vun 358 % bedeit, a wou zënterhier net méi wéi 42 Vollzäitklasse bäikoumen, wat bedeit, dass bei der Rentrée 2000/2001 68 Vollzäitklassen, 4 Deelzäitklassen an 12 Klassen am Régime préparatoire zu Wolz ënnerbruecht sinn.

Wann ee bedenkt, dass während ville Joren emol net d'Halschent vun de Klassen all zur Verfügung stong, da kann ee sech nëmme wonneren, dass d'Schoulorganisatioun iwwerhaupt nach fonctionnéiert huet. Aus dëse Grënn a fir de Manktum u Raimlechkeeten auszegläichen, goufen Ofstellraim, Vestiaires, Douaneshaiser a Container aménagéiert, fir neie Schoulraum ze schafen. De Stonneplang huet missen op déi schoulfräi Nomëtteger ausgedehnt ginn, an et huet misse mat enger ganzer Rei vu Wanderklassen operéiert ginn, fir op iergendeng Manéier iwwert d'Ronnen ze kommen.

Zënter ville Jore sinn deemno all Méiglechkeeten erschöpft, fir zousätzlech Raimlechkeeten ze schafen, an et ass nëmme duerch een neien Ausbau, no där éischer Phas elo déi zweet, wou een deem kann entgéintkommen an dat ëmsou méi, wann ee bedenkt, dass bal 90 % vun de Kanner aus dem 6. Schouljoer aus de Kantone Wolz a Klierf sech an enger Septième am Wëlzer Lycée aschreiwen.

Mir stellen also fest, dass de Wëlzer Lycée een enormen Zouwuess u Schüler hat, an dat speziell an deene leschten 10 bis 15 Joer. Duerch dës Ëmstänn, mä awer och duerch seng zentral Lag am Norde vum Land huet de Lycée vu Wolz eng regional Vocation par excellence.

Wann ee bedenkt, dass Jugendlecher aus méi wéi 120 verschiddenen Ortschaften aus de Kantone Klierf, Wolz an och Réiden op Wolz an d'Schoul ginn, dann ënnersträicht dës dee regionale Charakter an Impakt vun dëser Schoul, an et weist eis, dass och dës zweet Ausbauphas onbedingt noutwendeg ass.

Ee weidere Punkt, fir d'Wichtigkeet vun dësen Ausbaubarbechten a vun der regionaler Bedeitung vum Wëlzer Lycée ze dokumentéieren, ass d'Tatsaach, dass méi wéi 900 Schüler iwwer Mëtteg op dem Schoulsite bleiwen, an dofir ass d'Schafe vun de Structures d'accueil vu fundamentaler Bedeitung fir de Fonctionnement vun dëser Schoul.

Och muss een am Kontext vun där regionaler Bedeitung ënnersträichen, dass zënter enger gewësser Zäit d'Bevölkerungszuel am Norden weider klëmmt, esou dass ouni Zweifel och de Wëlzer Lycée an Zukunft eng wichteg Roll an der Formation vu ville Jugendlechen aus dem Norden wäert spillen. Dowéinst huet sech den Ausbau vun den Infrastrukturen, an ech hunn et scho gesot, förmlech opgedrängt. Dësen Ausbau gouf an zwou Phase realiséiert. Déi éischt Phas ass duerch d'Gesetz vum 28. Abrëll 1995 autoriséiert ginn, an dës Aarbechte kommen elo zu hirem Enn.

Wann een de Bauprogramm vun dëser Phas kuckt, wou Deeler vun der bestehender Infrastruktur an dës Bauphas integréiert hu misse ginn, wou verschidde Raimlechkeeten aner Destinatiounen kruten, wou de Bauprogramm huet misse ëmgeännert an adaptéiert ginn a wou virun allem och den normale Schoulbetrieb huet misse weider funktionnéieren, da muss ech als Rapporteur der Direktioun, den Enseignanten an och de Schüler meng Satisfaktioun ausdrécken, dass si alleguer während de Bauaarbechte mat vill Engagement a Geduld hir Missioun, wann een dat esou därfer soen, erfëllt hunn.

Insgesamt, dat heescht bei där éischter an där zweeter Ausbauphas vum Wëlzer Lycée, gëtt dës Schoul ëm ronn 5.400 m<sup>2</sup> vergréissert.

Wat elo de Bauprogramm vun der zweeter Phas ubelaangt, wat jo eigentlech den Objet vun dësem Projet de loi ass, esou muss ee wëssen, dass dës Phas net nëmmen aus engem Ausbau besteet, dat heescht an der Kreatioun vun nei Schoulraum, mä och an der Renovatioun an am Réaménagement vum Gebai aus dem Joer 1973.

Bei den Aarbechten an dësem Gebai handelt et sech ëm d'Erneuerung vun der Isolatioun, der Akustik an der Heizung, a virun allem den Émännerungen, déi duerch d'Sécherheetsbestëmmungen mussen erfëllt ginn.

Wat elo d'Schafe vun zousätzlechen Infrastrukturen betrëfft, esou muss ee bemerken, datt et net nëmmen eng Vergréisserung vu reng schoulesche Raimlechkeeten gëtt, mä awer och Raimlechkeeten fir Sport an aner Aktivitéiten, déi am Lycée vu Wolz offréiert ginn.

Wat sinn elo déi supplementar Infrastrukturen, déi an dëser zweeter Phas geplangt sinn?

Dat sinn 22 normal Klassesäll, 8 Spezialsäll, 9 Ateliers, Versammlungsraum fir de Schülercomité, fir d'Examenskommissioun, Structures d'accueil, Sportsinfrastrukturen, den Aménagement vun Alentouren, d'Schafe vun enger Busgare an nei Parkraum.

E ganz wichteg Punkt ass d'Schafe vun enger Structure d'accueil aus deene Grënn, déi ech virun opgezielt hunn. Well jo de gréissten Deel vun de Schüler net kann heemfueren, gëtt eng Kantine aménagéiert mat 300 Plazen, déi als Restaurant, als Openthaltsraum, awer och als Préau ka benotzt ginn.

De regionale Charakter vun dëser Schoul gëtt duerch d'Ariichte vun dëser Infrastruktur ënnerstrach, well déi meescht Schüler, esou wéi ech et viru gesot hunn, aus méi wéi 120 Uertschafte kommen an iwwer Mëtteg mussen do bleiwen. Dofir huet d'Schoul och nei Weeër misse goen an zënter der Rentrée 93/94 funktionnéiert am Wëlzer Lycée d'Journée continue.

Perséinlech stellen ech mer d'Fro, ob et net besser gewiescht wier, dës Schoulkantine méi grouss ze bauen, well et schéngt mer dach problematesch ze sinn, während 1½ Stonn ronn 900 Eléven ze bekäschegen.

Desweidereginn an där zweeter Ausbauphas eng Salle de séjour, eng Cafétéria, eng Bibliothék mat Liessall gebaut, an och gi Raimlechkeeten fir parascolaire Aktivitéiten - ech denken hei un de Radio LNW, de Willy-tec asw. -, aménagéiert.

Wat déi sportlech Infrastrukturen ubelaangt, esou huet de Regierungsrat de 25. Mäerz 1994 decidéiert, dee bestehende Sportkomplex beim Wëlzer Lycée opzekafen. Dës Gebaier si vun de Bureaux d'études ënnersicht ginn an et ass decidéiert ginn, well se baulech gesinn esou schlecht waren, dës Installatiounen, grad wéi déi al Regionalschoul ofzerappen an en neie Komplex mat Sportshal a Piscine ze bauen. D'Sportshal kritt Dimensionen vu 45 × 27 m, mat deenen néidege Vestiaires, mat deem néidege Mobilier. An d'Piscine kommen zwee Bassenge vu 25 × 12,5 m an ee vun 12,5 × 6 m, mat deenen néidegen Infrastrukturen a Vestiaires.

Desweideren ass virgesinn, e multifunktionelle Sportsterrain am Fräien, vu 40 × 20 m, ze aménagéieren, deen och an de Pause ka benotzt ginn.

Och muss een ënnersträichen, datt eng Cogeneratiounszentral déi eenzel Gebailechkeeten matenee verbënnt an aspeist.

D'Alentouren vun der Schoul gi selbstverständlech och an d'Rei gesat. A wann ee vun Alentouren schwätzt, da muss een noutgedrungenereis och vun de Parkingsméiglechkeeten schwätzen.

Eng Autobusgare oder Quai de débarquement, wéi et am Projet de loi heescht, gëtt aménagéiert, déi ausgeluegt ass fir ronn 40 Schoulbussen. No Récksprouch mat de Schoulresponsablen misst dat duergoen.

Wat de Parkraum fir d'Enseignanten an d'Personal ubelaangt, esou sinn am Projet de loi 116 Plaze virgesinn. D'Direktioun huet an enger Entrevue, déi ech als Rapporteur mat hinnen hat, drop higewisen, datt dëst mat Sécherheet net duergeet.

An der Kommissioun hu mer dës Problematik och diskutéiert. D'Administration des Bâtiments publics huet eis drop opmierksam gemaach, datt d'Stad Wolz eng Konventioun mam Stat ofgeschloss hätt, fir an der Rue Grande-Duchesse Charlotte zousätzlech Parkplazen ze schafen, déi zwar net um Campus leien.

Als Kommissioun hu mer drop verzicht, fir en Amendement ze maachen, well dat de Projet nach weider verzögert hätt, mä mir hu gemengt, datt wann d'Méiglechkeet vun zousätzlechem Parkraum ënnert der Sportshal sech sollt bidden, een onbedéngt am Laf vun den Aarbechten op dës Méiglechkeet misst agoen, och wann de Käschtepunkt vun dëser Erweiderung géif méi grouss ginn, well ech mengen, de Problem vu Parkplaze bei der Schoul ass ee vun de kruziale Problemer, a wann een och nach d'Topographie vum Terrain zu Wolz kennt, da weess een, wéi schwierig dat do ass. An dësem Kontext wëll ech bäifügen, dass beim öffentlichen Transport onbedéngt muss eng Ofstëmmung fonnt ginn tëschent dem Schoulfonctionnement an dem Fonctionnement vun den Horairë vun den Zich a Bussen, well et an där Optik heiansdo u Koordinatioun mangelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De Käschtepunkt vun der zweeter Ausbauphas beleeft sech op 2,662 Milliarden. Dat si 65.989.256 Euro an e puer zerquëschter Euro. Dëse Betrag gëtt iwwert de Fonds d'Investissements publics scolaires financéiert, an ech wëll drun erënneren, datt déi éischt Phas vum Ausbau 475 Milliounen Frang kascht huet. Deemno sinn an de gesamten Ausbau zu Wolz iwwer 3 Milliarde Frang investéiert ginn. Dat si vill Suen, mä ech sinn der Iwwerzeegung, datt dës Suë gutt investéiert sinn.

Als Rapporteur an als Norddeputéierte begreissen ech dëse Projet ganz besonnesch. En dréit mat Sécherheet dozou bäi, fir d'Entwécklung vun den Nordkantonen virunzudreiwen, mä et geet elo virun allem drëm, fir nei Aarbechtsplazen ze schafen, déi am Aklank mat der Schoulausbildung stinn an deemno hoffen ech, datt dëse Projet de loi eng breet Zoustëmmung hei an der Chamber wäert fannen.

Ech wollt awer nach e puer perséinlech Wënsch un dëse Projet drunhängen. Ech hoffen, datt d'Regierung och an Zukunft weider finanziell Mëttel zur Verfügung stellt, fir d'Schoulinfrastrukturen am Norden nach weider ze verbesseren an auszubauen.

De Lycée am Réidener Kanton schéngt jo gebongt ze sinn.

Wann et sech sollt erweisen, datt de Kanton Klierf och e Lycée bräicht, da musse mer elo schonn d'Weihe stellen, fir zum richtegen Zäitpunkt déi néideg Schoulinfrastrukturen ubidden ze kënnen, fir datt mer net an déi Situatioun kommen, wéi de Chamberchronist am Lëtzebuurger Wort schreift: „Es bleibt das Bedauern über die Verzögerungen bei an und für sich dringenden Bauprojekten dieser Art“.

Zum Schluss wollt ech dann och nach vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Direkter vum Wëlzer Lycée, dem Fernand Schmitz, deen elo a Pensioun geet, mat sengem Sous-direkter John Muller a mam ganze Staff merci ze soen, fir all déi Aarbecht, déi si an de leschte Jore gemaach hunn, an ech géif deem neien Direkter, dem Jo Troian, all Guddes wënschen a vill Erfolleg.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.**- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Norbert Hauptert agedroen. Den Här Hauptert huet d'Wuert.

#### *Discussion générale*

**M. Norbert Hauptert (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Obschonn ech net aus dem Éislek sinn, wollt ech awer kuerz zu deem Projet hei Stellung huelen. Ech wëllt dem Kolleg Nico Loes félicitéiere fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport iwwert de Projet vun där zweeter Vergréisserungsphas vum Lycée du Nord zu Wolz.

Hien huet am Detail d'Evolutioun vun där Schoul an hire Gebailechkeete beschriwwen, wat mir erlaabt iwwert den eigentlechen Objet vum Projet a menger Interventioun ewech ze goen a mech ausschliesslech, awer kuerz, mam Aspekt vun der Regionalisatioun vun eise postprimäre Schoulen ze beschäftegen.

De Lycée du Nord, mat senger ganzer Entwécklung, ass eigentlech e virbildlecht Beispill vun enger réuséierter regionaler Dezentralisatioun, an dat am Interessi vun enger ganzer Géigend, dat heescht, dem Norde vun eisem Land, e Beispill, dat ee sech virun Ae kann halen, wann ee weider Regionalisatiounen am postprimären Unterrecht plant.

Wann och schonn zënter 1954, esou wéi de Rapporteur gesot huet, verschidde Klasse vum professionellen Unterrecht, ënnert der Direktioun vum Centre d'enseignement professionnel vu Lëtzebuerg, zu Wolz fonctionnéiert hunn, esou kouw den eigentlechen Opschwung vum postprimären Unterrecht am Norde vum Land 1969 mat der Kreatioun vum Collège

d'enseignement du Nord zu Wolz, deem gläich de Centre d'enseignement professionnel vu Klierf an Elwen ugegliddert goufen.

Virdu bestong d'Offre postprimaire fir d'Kanner aus dem Norde leedeglech aus dem Dikrecher Kolléisch, der Ettelbrécker Ackerbauschoul an deene scho genannten Annexe vum Centre d'enseignement professionnel vu Lëtzebuerg.

Well och den Transport net esou organiséiert war wéi dat haut de Fall ass, hunn eng ganz Rei vu Kanner hir schoulesch Ausbildung mat dem Primaire, respektiv der Oberprimärschoul ofgeschloss an domat ass hinnen eng Weiterbildung, fir déi se deen néidege Potential matbruecht hunn, verwiert bliwwen, well se an hiner Géigend net dat néidegt schoulescht Ugebuet fonnt hunn, fir weider Studien ze maachen.

Haut sinn iwwer 1.400 Schüler aus iwwer 120 Uertschaften am Lycée du Nord ageschriwwen, deen esou ze soen déi gesamt Palette vum postprimären Unterricht a senge Gebailechkeeten ubitt.

Iwwert déi schoulesch Offer fir d'Kanner aus dem Norden ewech huet de Lycée och zu der gesamter Revalorisation vun der Géigend bäigedroen. D'Betriber hu sech méi liicht am Norden établiert, well se woussten, datt se do qualifizéiert Leit kënne virfannen.

Enseignantë mat hire Famillje sinn dohinner wunne gaangen an hunn zu enger neier Beliewung vun den Uertschaften bäigedroen. Dat alles koom awer net vum selwen. Gebaier hu misste gebaut ginn. Dat éischt eegestännegt Gebai gouf, wéi de Rapporteur schonn ernimmt huet, 1975 ageweit an déi einstweile lescht Vergrößerung gëtt mat deemem Projet autoriséiert.

D'Eltere vun de Kanner an d'Léierpersonal vum Primärunterricht hu misste beroden a motivéiert ginn, fir hir Kanner op Wolz an d'Schoul ze schécken an net, wéi se gewinnt waren, an de Kolléisch vun Dikrech, vun lechternach oder an d'Stad.

Den Transport fir déi verschidden Uertschaften aus dem Éislek a Richtung Wolz huet missen organiséiert ginn, an dat war keng einfach Aufgab. D'Zusammenaarbecht mat den Administratiounen a besonnesch mat de Betriber huet missen opgebaut ginn. Alles dat war net esou einfach a konnt nëmmen dank dem onermiddlechen Asaz vun engem dynameschen Direkter an der Mathëllef vun engem jonken, motivéierte Corps enseignant realiséiert ginn.

De Fernand Schmitz war den éischten Direkter vum Wëlzer Lycée. Hie geet, esou wéi de Rapporteur et gesot huet, um Enn vun deem Joer a Pensioun, an dat no 30 Joer Déngschtzäit als Direkter. Hie ka mat

vill Satisfaktioun a ganz houfreg op säi Wierk zrëckkucken. Him, sengen Enseignanten a sengem gesamte Personal wëllt ech vun deser Plaz aus häerzlech merci soen a sengem Successeur deeseweichte Succès wënschen.

Der Regierung wënschen ech, datt se bei hire weidere Projekte vu Regionalisation vu postprimäre Schoulgebaier grad esou vill Succès kritt wéi hir Virgänger mat Wolz haten. Dat hängt net nëmme vum Choix vun der Uertschaft of, mä awer och a besonnesch vun der Motivatioun an der Dynamik vun de Leit, déi déi Schoul féieren a betreien.

Heimat wëllt ech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu deemem Projet ginn an ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

**M. Georges Wohlfart (LSAP).**- Här President, Mme Minister, Kolleeginnen a Kolleegen. Ech wëllt virop a menger Interventioun, genau wéi de Kolleeg Norbert Hauptert, onsem Frënd a Kolleeg, dem Här Nico Loes, Rapporteur vun deemem Gesetzesprojekt iwwert den Ausbau vum Wëlzer Lycée, dem Lycée du Nord, meng Félicitatiounen iwwermëttelen an och merci soe, fir säi ganz ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht zu deser Ausbauphas.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn am Abrëll 1995 déi éischt Phas vum Lycée vu Wolz an der Chamber decidéiert an ech hat mer dunno erwaart, dass mer géife mat enger zweeter an drëtter Phas, déi deemools virgesi waren, méi schnell an d'praktesch Ëmsetzung kommen. Ech gesinn, dass deemools „der Wunsch Vater des Gedankens“ war, mä ech mengen, mir hunn haut awer e ganz wichtige Gesetzesprojekt virleien, och wa mer elo e bëssen a Verzug komm sinn, wou déi zweet an déi drëtt Phase sollen an enger eenzeger Phas zesummegefouert ginn.

Den Nico Loes huet drop higewisen, dass mer elo déi néideg Infrastrukturen schafen, fir dass de Wëlzer Lycée an Zukunft ka voll a ganz senger pedagogescher Aufgab gerecht ginn.

Wichtig ass et, dass mer bei enger Zuel vun iwwer 900 Kanner, déi iwwer Mëtteg do bleiwen, d'Structures d'accueil mussen upassen, fir dass déi Kanner dann och deen Encadrement kréien, deen haut an enger moderner Schoul absolut onabdingbar ass, genau esou wéi och elo den Ausbau sécherstellt, dass déi sportlech Infrastrukturen an deemem Lycée der Zäit an der Evolutioun ugepasst ginn, an och all aner Elementer vun deemem Bauprojekt vun iwwer 2,6 Milliarden si wichtig a gutt investéiert Geld.

Ech ka mech drun erënneren, dass et Ufanks den 80er Joren zum Deel homeresch an zum Deel leidenschaftlech Diskussiounen gi sinn ëm de Wolzer Lycée - deen den Nico Loes am Historik excellent beschriwwen huet wéi och d'Evolution vum deem Lycée -, wéi et drëm gaangen ass, d'Fro ze klären, ob ee sollt eng komplett Offer, souwuel vum Secondaire technique wéi och vum Secondaire classique, an deem Lycée ubidden.

Eng ganz Rei Leit waren deemools der Meenung, et géif duergoe wann am Norden ee Lycée, den traditionelle Kolléisch vum Dikrech, géif déi Aufgab iwwerhuelen, well nach déi aner Lycéeën vum Ettelbréck a Wolz do wieren, an domat wier d'Palette vum Ugebuet am postprimäre Secteur am Éislek ofgedeckt. Dat hat och wahrscheinlech zum groussen Deel dermat ze dinn, dass während Jorzéngten d'Awunnerzuel a sämtlechen Nordkantoner zrëckgaangen ass, a vill Leit net dervun iwwerzeegt waren, dass en Émschwonk kéim. Glécklecherweis hunn déi Leit, déi Enn den 80er Joren d'Décisioun geholl hunn, fir de Lycée du Nord vu Wolz esou auszebauen, wéi mer en haut kennen, mat allen Types d'enseignement, Recht behalen. Eleng de Fait, dass d'Awunnerzuel am Norden an de leschte 15 Joer all Joer ëm 3,5 bis 4 % je Kanton zougeholl huet, beweist, dass deemools den Diks richtig gesat ginn ass.

Wa mer haut feststellen, dass Wolz mat deem Neiausbau, dee mer de Mëtteg mat enger grousser Majoritéit stëmmen, net méi ausbaufäeg ass, beweist, dass d'Schoul am Fong geholl no kuerzer Zäit, vun 1989 bis haut, d'Affer ginn ass vun hirem eegenen Erfolleg, an dat ass de grouss Verdingscht - meng Virriedner hunn dat och schonn hei ënnerstrach - vum Direkter Fernand Schmitz, sengen Assistenten an dem ganze Corps enseignant, well et war net einfach eng Schoul an där Zäit esou schnell op d'Schinnen ze setzen. Haut gesi mer, dass bei enger Zuel vu Studenten, déi an 20 Joer iwwer 350 % gewuess ass, de Lycée vu Wolz am Fong geholl eng Erfolgsstory ass.

Ech sinn och frou feststellen, dass am Kader vum Aménagement général du territoire d'Regierung bereet ass, mat op de Wee ze goe vun neie Schoulinfrastrukturen, dezentral a regional. Et ass hei ugeklungen, dass zu Réiden eng nei Schoulinfrastruktur gebaut gëtt. Dat ass eng Saach iwwert déi mer ons nëmme kënne freeën. Et ass och vum Rapporteur d'Fro opgeworf ginn, ob een net scho soll haut driwwer nodenken, ob eng ähnlech Infrastruktur am nördlechen Deel vum Land, am Kanton Klierf, net scho misst geplangt ginn.

Ech hat der Mme Brasseur eng parlamentaresch Fro gestallt an deem Sënn. Leider hunn déi Zuelen, déi si zur Verfügung hat, wat de primären Unterricht an deem Kanton ugeet, net iwwerenee gestëmmt mat deene reellen Zuelen, déi am Kanton Klierf virleien. Momentan hu mer an deem Kanton ronn 1.200 Kanner am primären Unterricht. Dat entsprécht plus ou moins der Kannerzuel am primären Unterricht vum Réidener Kanton. Wa mer also dervun ausginn, dass an deenen nächste Joren d'Zuel vun de jonken Awunner, déi sech am ganzen Éislek nidderloossen, nach eng Kéier ëm 3,5 % d'Joer an d'Luucht geet, a wann ee weess, dass mer an 10 Joer am Kanton Klierf eng 1.600 bis 1.700 potentiell Schüler hunn, déi an e Lycée kënne goen, quitte dass eng Rei vun hinnen a Spezialschoule gi wéi d'Ackerbauschoul oder d'Hôtelschoul zu Dikrech, weess een awer och, dass 90 % vun deene Kanner normalerweis an eng postprimär Schoul ginn am Éislek, esou dass ee sech haut scho kënnt a misst Gedanke maachen, well ee weess wéi laang et an der Planung zougeet, bis een dee richtege Site fonnt huet an all Wënsch bei esou Bauprojeten kann erfëllen, esou dass et eng Rei vu Jore brauch, bis een dat geplangt huet. Et weess ee weider, dass esou eng Schoul eréischt an aacht, zeng Joer ka bezuchsfäeg sinn.

Ech mengen, mir géife gutt drun doen, wa mer ons deem Problem haut scho géifen unhuelen, an ech géif mer wënschen, dass den Dauerbrenner, deen ons zanter Joren um Häerz läit, dee vum Neiaménagement vun der Ackerbauschoul, och kënnt an nächster Zukunft enger positiver Léisung zougefouert ginn. Dat gesot, zrëckkommend op Wolz, bréngen ech selbstverständlech den Accord vun onser Fraktioun zu deem Bauprojet.

Ech géif lech merci soen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Agny Durdu.

**Mme Agny Durdu (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer un éischter Stell dem Rapporteur Nico Loes villmools merci ze soen an ze félicitéiere fir säi schrëftlechen a säi mëndlechen Rapport. Den Här Loes huet op eng wierklech ausgezechent Aart a Weis d'Evolution wéi och d'Zukunft vum Wëlzer Lycée duergestallt.

Bei dem Projet de loi, dee mer haut stëmmen, handelt et sech ëm déi zweet Phas vun der Extensioun vum Lycée du Nord zu Wolz. Mir hunn d'Chiffren ewell héieren. Et besiche 1.400 Schüler de Lycée du Nord zu Wolz. Wat d'Offer vum Enseignement ubelaangt, esou stelle mer fest, dass am Régime classique souwuel de Cycle inférieur ewéi de Cycle supérieur ugebuede ginn. Am Régime technique gëtt déi ganz Palette vun dem Cycle d'observation, dem Cycle

d'orientation iwwert de Cycle moyen bis zum Cycle supérieur ugebueden.

Dat heescht an anere Wieder, dass de Lycée du Nord haut e komplett Formatiounsugebuet opweist, wat natierlech verlaangt, dass déi néideg Infrastrukture geschafe ginn. Dat ass elo ewell zum Deel amgaang, well den 28. Juli 1995 hate mer e Gesetz fir den éischten Ausbau vum Wëlzer Lycée hei gestëmmt an déi Aarbechte komme relativ gutt vun der Plaz.

Dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, soll also erlaben, dass déi zweet Phas vun der Extensioun kann an Ugrëff geholl ginn, esou wéi den Här Nico Loes dat a sengem Rapport explizéiert huet. Ënner anerem ass eng Structure d'accueil fir d'Schüler virgesinn. Dat ass immens wichtig, an hei soen ech näischt Neies, well dat ass ewell vun anere Kolleegen ervirgestrach ginn, well do sinn iwwer 900 Schüler op der Plaz, déi mëtten net kënnen heemgoen, well se einfach zevill verspreet am Éislek wunnen. Gleeft mer es, et ass net ëmmer eng gutt Léisung, wann 900 Schüler duerch Wolz ginn, quitte dass se garantéiert de Geschäftsleit, awer net nëmmen hinnen, eng ganz interessant Plus-value bidden. Et ass wichtig, dass d'Schüler d'Méiglechkeet kréien, fir sech niewent den eigentleche Schoulstonnen am Schoulgebai kënnen opzehalen. Ech sinn iwwerzeegt, dass Kantin, Cafetéria, d'Salle de séjour a Bibliothék deenen erwisene Besoine kënnen nokommen.

Och eng Sportshal an eng Piscine kommen derbäi, an do sinn ech iwwerzeegt, dass dës Infrastrukturen net nëmme wäerten an der Schoulzäit gebraucht ginn, mä doriwwer eraus wäerte fir parascolaire Aktivitéite gebraucht ginn.

Ech wëllt den Oflaf vun dësem Nomëtteg net an d'Längt zéie mat menger Ried a wëllt dofir direkt zu menger Konklusioun kommen.

Ech kann als Norddeputéierten et nëmme begrëssen, op wéi eng Manéier de Lycée du Nord sech an deene leschte Joren entwéckelt huet. Et ass ouni Zweifel eng Beraicherung fir de ganzen Norden, an et mécht de Schüler an hire Familljen d'Liewe vill méi einfach, dass si kënnen an hirer Regioun e ganz Formatiounsugebuet an dësem Lycée virfannen.

Wa mer d'Motivatioun vum Projet de loi kucken, da gesi mer wéi d'Anzugsgebit vum deem Lycée sech zesummesetzt. Et sinn x Dierfer an am Fong geholl dräi Kantoner: Wolz, Klierf haaptsächlech, an de Réidener Kanton wuel manner, mä deen awer och Kanner op Wolz schéckt.

Wann ee kuckt wéi d'Populatioun vum Lycée wiisst, ass et wichtig, op regionaler Basis d'Politik a puncto Lycéesbau ze iwwerschaffen. Dofir begrëssen ech et

nach eng Kéier, dass de Plan sectoriel lycées vun dëser Regierung an Ugrëff geholl ginn ass a si frou ze gesinn, dass och regional doru geschafft gëtt.

Ech begrëssen et, dass e Lycée am Réidener Kanton soll gebaut ginn a freeë mech, dass et do net wéi op anere Plazen am Land ass, mä dass do carrément d'Gemengen eng Propos gemaach hu fir de Site vum Bau vum Réidener Lycée. Wann ee gesäit wéi laang normalerweis d'Prozedur tëschent der Décisioun iwwert de Bau vun engem Lycée an dem Ofschloss vum Bau ass, ass et ze begrëssen, dass déi wichtig an decisiv Phas, wou de Site vum deem zukünftege Lycée soll sinn, beim Réidener Kanton am Fong geholl ewell ofgeschloss ass, an de Ministère op deem Punkt wéineg Aarbecht wäert virfannen, well en direkt kann an déi nächst Phas iwwergoen.

Doriwwer eraus, an do kommen och ech als Norddeputéierten zu darselwechter Konklusioun wéi déi, déi meng Virriedner ewell gesot hunn, gesäit een e puer Saachen am Éislek, nämlech dass d'Populatioun konstant an d'Luucht geet. Och ass gesot gi vun der Educatiounsministesch, dass et wünschenswäert wär, dass d'Kanner an hir regional Lycéeë sollte goen. Ech mengen, de Wëlzer Lycée huet bewisen, dass d'Kanner dohënner wëlle goen. Weider huet d'Regierung deklaréiert, dass se keng zevill grouss Lycéeë méi wëllt an Zukunft bauen.

Wann een dës dräi Komponenten unenee setzt, a wann een dann och nach gesäit, dass de Site wou elo de Lycée zu Wolz ausgebaut gëtt, relativ fäerdeg ass an een net méi ka vergrësseren, ofgesi vun der Zuel vun de Kanner, déi ee soss do kréich, da bleift nëmmen eng Konklusioun: da muss een nach eng Kéier kënnen auswäichen.

Ech kann lech elo ewell matdeelen, dass ee garantéiert am Klierfer Kanton op déi néideg Zesummenaarbecht vun deene Gemenge kann zielen, well och si bereet sinn, e Site ze sichen an, no Ofsprooch mat den nationalen Autoritéiten, e Site ze proposéieren, wann d'Chiffren et sollten erweisen. Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Mme Brasseur wäert déi richteg Chiffren hunn. Den Här Wohlfart mengt, dat wier net esou. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass deem esou ass an dass ee gëeegnete Site wäert an deem Kanton ze fanne sinn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jean-Pierre Koepp.

**M. Jean-Pierre Koepp (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no jorelaangem Waarde gouf den 8. März 1995 mam Projet 3939 déi éischt Phas iwwert d'Vergrësserung an d'Moderniséierung vum

Lycée technique du Nord Wolz gestëmmt. De 6. Juli 1996 konnten d'Aarbechten ugefaange ginn.

An der éischter Phas goufen haaptsächlech Klassesäll bäigebaut, renovéiert a moderniséiert. Elo ass et un der zweeter Phas mat dem Schwéierpunkt, weider Klassesäll, Ateliers, Salles d'accueil a Sportsinfrastrukturen ze bauen.

Ech wollt elo e klengen Historik maachen, mä deem ass ewell vum Rapporteur virgedroe ginn, deem ech vun dëser Plaz aus wëll häerzlech gratuléiere fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport, an esou kann ech op d'Virldroe vun deem ganzen Historik verzichten, och well déi meescht vun eis drun interesséiert sinn, dass et ganz séier mat eisem Ordre du jour virugeet.

*(Interruptions diverses)*

Dat spillt keng Roll. Een dee vill schwätzt, seet vill Dommheeten.

*(Hilarité)*

2001 huet de Lycée du Nord en Total vu 84 Klassen ze verzechnen. Dovu fonctionnéieren 48 Klassen a Vollzäit, 12 Klasse si reservéiert fir de Préparatoire a 4 Klasse fir Deelzäit. An der Zukunft gi speziell Klasse fir d'Informatik virgesinn. Dat mécht haut eng Moyenne vu 17 Schüler pro Klass aus.

Dir gesitt, Dir Dammen an Dir Hären, dass de Wolzer Lycée eng eenzegaarteg Schoul am Land ass, wou an engem Gebai d'Schüler d'Méiglechkeet hunn, fir op de Secondaire, op den Technique, awer och an de Préparatoire ze goen. De Virdeel zu Wolz ass, dass d'Schüler an enger eenzeger Schoul respektiv engem Gebai hire Choix kënnen maachen, sief et no hire Wënsch oder no hire Fäegkeeten.

Vun deene ronn 1.400 Schüler besichen der 372 de Classique, 742 den Technique, 120 d'Beruffsschoul an 173 de Préparatoire. De Lycée vu Wolz ass am Verglach mat anere Schoulen eng jonk Schoul, mä et kann een awer soen, dass dës Schoul an där kuerzer Zäit an hirer Existenz, 25 Joer, eng schnell an héich Entwécklung matgemaach huet.

Mat de Jore sinn d'Gebäilechkeeten ze kleng ginn, esou wéi och d'Infrastrukturen der Zäit net méi Rechnung gedroen hunn. D'Vergréisserung vum Lycée war domat virprogramméiert. Dass an dësem Gebai gutt Aarbecht geleescht gëtt, weist sech un den excellenten Examensresultater, wou den Norde ganz stolz op säi Wëlzer Lycée ka sinn, déi zustane koumen an enger praktesch onméiglecher Schoulinfrastruktur.

Dobäi ass nach déi positiv Akzeptanz vun dëser Schoul bei de Leit ze vermierken, ganz speziell aus de

Kantoner Klierf a Wolz. 90 % vun de Kanner aus dëser Kantoner ginn no der Primärschoul op Wolz an de Lycée. Zu Wolz kommen de Moment Kanner vun iwwer 120 Dierfer zesummen a bauen do eng Basis op fir hiert spéidert berufflecht Liewen.

Dëse Réckbléck op déi schoulesch Entwécklung ass selbstverständlech ganz enk verbonne mat der Infrastruktur an et soll een déi statistesch Donnéeën net aus den Äe verléieren.

Eng éischt Phas ass am Abrëll 1995 an d'Wee geleet ginn an ass leider nach net ganz ofgeschloss. Déi zweet Phas gëtt mat deem heitege Projet méiglech.

Huet de Schoulbetrib zu Wolz uganks fonctionnéiert a gelounte Gebaier, esou ass de Stat 1972 Co-propriétaire gi vun engem Gebai. Duerch d'Gesetz vum 31. Juli 1973 konnt en éischt Schoulgebaier opgeriicht ginn, dat 1975 bezuchsfäeg war, mat insgesamt 25 Klassesäll. Mä wéi dës Säll fäerdeg waren, ware se schonn ze kleng an d'Schüler hu missen an eng Komplementarschoul logéiert ginn.

Zënter 20 Joer gouf dës Infrastruktur net erweidert, déi 1975 konzipéiert gi war fir ronn 500 Schüler. Am Joer 1995 hunn 1.100 Schüler dës Schoul besicht an no där éischter Bauphas waren et 1.400 Schüler.

Dir gesitt also, Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass eng Steigerung vu ronn 30 % an deene sechs Joer, an dat beweist deen néidegen Ausbau vun dëser Schoul.

Op déi eenzel Bauprogrammer wëll ech net weider agoen, well dat huet jo de Kolleg Nico Loes gemaach.

Erlaabt mer awer nach eng kritesch Bemierkung. Wat ech och e bësse bedauern, dat sinn déi extrem laang Diskussiounsprozeduren an déi laang Bauzäit, op déi elo grad d'Mme Durdu higewisen huet. De Statssekretär huet deemools vun engem bis zwee Joer Bauzäit an der éischter Phas geschwat an da wier et fäerdeg. Mä elo sinn ewell sechs Joer eriwier an et ass nach ëmmer net esou wäit.

Am Ufank ware fënnf bis sechs Joer gerechent gi fir déi zweet Bauphas, mä wann et elo fäerdeg ass, da sinn zéng Joer passéiert, ier déi Aarbechte realiséiert sinn.

Dës Ausbauprozedur dierft och negativ Auswirkungen hunn op d'Schoul, well jo parallel zur Ausaarbechtung och muss Schoul gehale ginn a villes muss improviséiert ginn. Dat heescht, et hu missen lwwer ganksléisunge gesicht ginn.

Ursprünglech war virgesinn, dass déi zweet Phas sollt 1998 a Betrib goen, also virun dräi Joer. An der Tëschenzäit si mer am Joer 2001. Deemools huet och



de Statssekretär a sengen Ausféierunge gesot, dass hien dofir géing suergen, dass d'Bauverwaltung réorganiséiert géif gi wat d'Strukture vun der Verwaltung ugeet, fir dass d'Soumissiounsprozeduren am Haus selwer méi schnell könnte getraff ginn, mä leider ass dëst nëmmen e Wonsch bliwwen.

Wat d'Parkplazen ugeet fir d'Enseignanten, esou wësse mer, dass et net duergeet, och wa se net all mateneen do sinn, mä wéi den Nico Loes gesot huet, ass virgesi mat der Stad Wolz eng Vereinbarung ze treffen. Dofir hoffe mer, dass mer net nach eng Kéier heihinner musse kommen an en neit Gesetz stëmmen, fir Sue flësseg ze maache, fir weider Parkplazen.

Wat dëse Projet ubelaangt, esou hunn ech mer déiselwecht Gedanke gemaach wéi déi aner dräi Norddeputéiert iwwert d'Schoulen am Norden. Bei där Wëlzer Schoul kann net méi gebaut ginn. Ech mengen, de Klierfer Kanton huet och nach Méiglechkeeten eppes virzeleeën. Wann et zu Wolz méiglech ass, firwat dann net och am Klierfer Kanton. Wann de Fall sech sollt stellen, wäerte mer schonn zu enger Léisung kommen. Mä et soll een elo schonn ufänken domadder, fir dass déi Prozeduren all fäerdeg sinn, well dann ass et herno méi einfach, méi séier virun ze kommen.

De Wëlzer Lycée huet sech mat de Joren ëmmer weider entwéckelt an dofir huet en e positiven Impuls ginn op eng regional Entwécklung. Och wann dës regional Entwécklung lues no uewe geet, esou muss een dach soen, datt de Wëlzer Lycée ganz sécher e groussen Deel zu dëser positiver Entwécklung bäigedroen huet. D'Zuele beweisen dat. Wann dës Schoul en negativen Afloss op d'Regioun gehat hätt, da bräichte mer net bäizebauen.

De Mënsch am ländleche Raum brauch eng Perspektiv. Vun dëser Hoffnung hängt vill fir eis Zukunft of, wéiwäit et eis geléngt, d'Virdeeler vun enger ländlecher Struktur mat deene moderne Mëttel vun der Technik ze kombinéieren. No där industrieller Revolutioun steet elo déi nächst Revolutioun an d'Haus, an zwar déi vun der Informatiounstechnologie. Dës Technologie ka fir de ländleche Raum eng Chance sinn. Dofir loosst mer se notzen, well d'Entreprises, déi Succès hunn, analyséieren net stänneg hir Problemer, mä si kucken no vir, wou sech fir si Chancen opdinn.

Dofir ass et och ze begreifen, dass an Zukunft Informatikscoursen hei ugebuede ginn.

Mir sinn haut befaasst mat engem wichtege Projet fir déi ländlech Regioun. D'Verbesserung vun den Infrastrukturen erfëllt zwar net ëmmer all Wonsch. Dëst ass och onméiglech, mä dach ass et e wichtege

Schrëtt, fir d'Zesummeliewen an enger Regioun ze verbessern. Schoulen, Klinicken, kulturell Offerten an awer och Aarbechtsplazen hunn eng gënschteg Ausstrahlung op eng regional Stad an och op d'Dierfer ronderëm.

Wa mer den Historique maache vu Wolz, da kann een nëmme soen, dass esou Infrastrukturaplanunge wéi eng Schoul hir positiv Säiten hu fir eng Regioun. Ze bedauern ass, dass net all Schüler herno eng Aarbechtsplaz an der Regioun fannen. Hei missten emol d'Ursaachen am Fong gekuckt ginn. D'Betriber stelle Frontalieren a mam Argument, si géife keng qualifizéiert Aarbechtskräften am Norde fannen, an op där anerer Säit fannen eis qualifizéiert Schüler keng Aarbechtsplaz an der Regioun. Fir dës Ursaachen erauszefanne misst eng Statistik opgestallt ginn oder nach besser eng Enquête gemaach ginn, wou déi fréier Schüler aus dem Wëlzer Lycée eng Aarbecht fonnt hunn an och mat watfir enger Qualifikatioun.

Ech wëll schléissen an am Numm vun eiser Fraktioun ginn ech d'Zoustëmmung zu dësem Projet, deen e wichtege Schrëtt ass an eng positiv Entwécklung vum Norden.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Och wann ech keen Norddeputéierte sinn, moossen ech mer dann awer un iwwert d'schoulesch Infrastrukturen am Norden ze schwätzen. Nodeem meng Virriednerinnen a Virriedner esou vill dee lichternde Pad vun deem Lycée belicht hunn, wëll ech mech op méi allgemeng Consideratiounen beschränken.

Ech wëll natierlech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu deem zweeten Ausbau vum Wëlzer Lycée bekannt ginn. Ech muss awer soen, dass de Wëlzer Lycée eis net eleng wéinst senger demographescher Entwécklung besonnesch gefält, mä de Wëlzer Lycée ass eigentlech deen eenzege Lycée hei am Land, deen den allgemenge Virstellungen, déi déi Gréng scho säit Joren an Infrastrukture vun de postprimäre Schoule verfechten, entsprécht.

Et ass éischters deen eenzege Lycée am Land wou all Filière vun Enseignement secondaire an Enseignement secondaire technique vertruete sinn ënner engem Daach. Et handelt sech also ëm eng additiv Gesamtschoul, wann een dat streng wëllt gesinn.

Et entsprécht enger Carte scolaire op fräiwëlleger Basis, déi doduerch bedéngt ass, dass d'Schülerinnen

an d'Schüler aus der Region kommen. Et ass also keng Carte scolaire néideg gewiescht. Si ass eigentlech automatesch, an d'Infrastrukture sinn esou ugeluegt, wat natierlech och geographesch bedéngt ass, dass et scho parascolaire Infrastrukturen zu Wolz gëtt, déi et an anere Lycéeën nach net gëtt an déi do dréngend noutwendeg wären.

Et gëtt natierlech och nach ëmmer Problemer. Mäi Kolleeg Camille Gira, dee jo Norddeputéierten ass, huet nach kierzlech an enger Question parlementaire drop higewisen, dass et net ëmmer klappt mam öffentlechen Transport, fir déi e bësse méi exotesch Horairë vum Wëlzer Lycée mat deenen e bësse méi store Virstellung vum öffentlechen Transport an Aklank ze bréngen.

Ech wëll awer vun der Geleeënheet profitéiere fir e klengen Exkurs an en Dokument ze maachen, vun deem ech mer gewënscht hätt, et wier schonn am November hei gewiescht, well am November hat ech eng Interpellatioun gemaach iwwert d'Infrastrukturen am postprimäre Beräich. Ech hu mech do baséiert op en Dokument, dat 1999 nach ënnert dem Règne vun der Mme Hennicot ausgeschafft war ginn, a wat eigentlech Projektione gemaach huet, wéi eng Lycéeë missten an deenen nächsten 10 Joer gebaut ginn. Dat Dokument war awer net méi aktuell an am November war déi nei Versioun nach net veröffentlecht. An der Tëschenzäit krute mer viru sechs Wochen dat Dokument zougestallt, a vu dass net all Deputéierten heibannen an der Educatiounskommisioun ass, wëll ech vläicht e kleng Résumé vun deem Dokument maachen, obschonn ech kee Regierungsvertrieeder sinn, well ech fannen dat awer och fir déi zukünfteg Evolutioun vun den Infrastrukture ganz interessant.

D'Objektiver vun deem neie Plan directeur sectoriel vun de Lycéeën ass net nëmme fir allgemeng der Evolution démographique Rechnung ze droen, mä och fir eng effektiv Dezentralisatioun vun dem Angebot ze maachen, ouni onbedéngt missen op contraignant Instrumenter zréckzegräife wéi eng Carte scolaire.

Et soll also gekuckt ginn, d'Land a Pôles d'enseignement anzedeelen an innerhalb vun deene Pôles d'enseignement solle quasi all Schoultypen ugebuede ginn, ausser deene sougenannte Lycéeë mat engem raren Ugebuet.

Et soll och gekuckt ginn, dass eng Landschaft vu Lycées de proximité geschafe gëtt, dat heescht, ouni eng Carte scolaire soll awer gekuckt ginn, dass déi meeschte Schüler och an deem Lycée hir Studië kënne weiderféieren, an deem se ugefaangen hunn. E ganz wichtege Aspekt ass deen, dass d'Fluxen tëschent deene Pôlë sollen op e Minimum reduzéiert ginn.

Dat Dokument presentéiert dann och eng Kaart vun dräi Pôlen, an deenen d'Land ageedeelt ginn ass. De Pôle centre, de Pôle sud an de Pôle nord. Ech wëll net an d'Detailer goen, wëll awer just Zuelen nennen, déi elo hei an de Raum gestallt gi sinn als net fiabel. Ech mengen, an der Tëschenzäit si se awer ganz prezis.

Et gëtt domadder gerechent, dass bis d'Joer 2010 minimal 10.000 nei Schüler mussen an de Lycéeën opgehooll ginn, wat ongeféier engem Bedarf vu sechs neien Etablissementer entsprécht.

De Ministère huet dofir och e Plang opgestallt, a wann een dee Plang kuckt, da misst een eigentlech haut ufänken déi sechs Lycéeën an d'Prozedur ze bréngen, well d'Statistik seet, dass vun deem Moment u wou décidéiert gëtt e Lycée op der Plaz x ze bauen, et am Schnëtt 8,4 Joer dauert bis dee Lycée dann effektiv och op der Plaz x steet. Dat heescht, wann mer am Joer 2010 wëlle sechs Lycéeën hunn, da misste mer elo direkt ufänken.

Den Zäitplang vun der Regierung gesäit awer de Moment Folgendes vir: Et si jo dräi Siten, déi quasi sécher sinn. Dat ass de Site vu Réiden, de Site vun der Region Jonglënster an de Site vu Belval. Op déi dräi weider Sitë kommen ech nach duerno ze schwätzen.

Wann een elo d'Statistik vun de Fluxen kuckt, déi tëschent deene Pôles d'enseignement sinn, déi ee jo wëllt vermeiden, da fënnt een do Erstaunlech, nämlech dass et Regione gëtt, déi eigentlech zevill Schüler hunn, an et gëtt Regionen, déi ze mann Schüler hunn. Zum Beispill an der Region Centre/Sud, also um Geeseknäppchen an zu Bouneweg, ginn et Capacités excédentes vu 628 Schüler, während an anere Regionen, wéi zum Beispill am Osten, feele Capacitéite vun 1.800 Schüler, am Süde vun 3.200 an am Norden, ganz erstaunlech, vun 2.611 Schüler. Dat heescht, et kënnt een eigentlech direkt Capacitéite fir 2.600 Schüler am Norde bauen. Ech weess net, ob déi demographesch Entwécklung vum Norden dorunner läit, dass d'Nordstrooss nach net gebaut war an dass wéineg Leit do kënnen erauskommen. Vlächtt ännert dat sech, wann d'Nordstrooss fäerdeg ass. Da gi vlächtt méi Leit an de Süde schaffen.

Jiddefalls ass dat kloer an dat steet och am Dokument vum Ministère - ech zitieren -, dass den eenzegen Inconvénient vum projezéierte Lycée Réiden „un impact limité sur l'excédent d'élèves dans le pôle nord“ ass. Dat heescht, de Réidener Lycée léist d'Problemer vun der Region Norden an hiren Infrastrukturen net, wat quasi vun all de Virriedner a Virriednerinnen hei gesot ginn ass. Et muss ee kucken, eng weider Infrastruktur an den Norden ze setzen.

De Ministère huet och eng ganz komplizéiert Kaart ausgeschafft, déi een natierlech am Compte rendu net ka bréngen, well déi op schwärzwäisser Basis net ganz visibel ass, mä fir et kuerz ze maachen, de Ministère huet do esou Régions à vide scolaire définiert, a wann een déi elo kuckt, abstraction faite vun deenen dräi déi elo scho quasi sécher sinn, da kënnt een nach op ee Lycée am Süden, sief et Belval, Déiferdeng oder soss en Uert, op ee Lycée am äusserste Südoste vum Land, an der Regioun Réimech-Munneref. Een anere Vide scolaire ass ganz uewen am Norden, am Kanton Klierf.

Alles dat, wat d'Riedner hei gesot hunn, ass duerch déi Etüd dokumentéiert. Aus deem Grond hunn ech eng Motioun préparéiert, déi d'Regierung opfuert, fir aus deem, wat hei gesot ginn ass, Konklusiounen ze zéien an Etüden unzefänken en vue vun der Implantatioun vun engem Lycée am Kanton Klierf. Ech denken, dass déi Motioun, grad ewéi virun dräi Joer déi vu Réiden, eestëmmeg wäert gestëmmt ginn, well d'Leit all mat där Optioun d'accord sinn.

### Motion 1

#### *La Chambre des Députés*

- *félicitant le Gouvernement pour sa détermination à réaliser le projet d'un lycée dans le canton de Redange et à présenter parallèlement un concept pour son fonctionnement et un projet de construction,*

- *constatant que le document „plan directeur sectoriel lycées“ du Gouvernement cite comme seul point faible du lycée de Redange son „impact limité sur l'excédent d'élèves dans le pôle Nord“,*

- *consciente que le second nouveau lycée dans le pôle Nord des infrastructures scolaires est projeté pour être réalisé d'ici l'an 2010,*

- *constatant que la carte des „vides scolaires et propositions d'implantation de nouveaux lycées“ fait état d'un „vide scolaire“ dans le canton de Clervaux,*

*invite le Gouvernement*

- *à entamer des études en vue de l'implantation future d'un lycée dans le canton de Clervaux.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Renée Wagener.*

Da wëll ech zum Ofschloss nach e kuerzt Wuert zu deem Lycée an der Regioun Norde soen, dee schonn esou gutt wéi gebongt ass, nämlech deen zu Réiden, wou net nëmmen den Emplacement fest ass, mä wou och schonn ongeféier d'Strukturen an d'Ae gefaasst sinn, ënner anerem dass en Internat soll gebaut ginn. Wat nach net ganz kloer ass, dat ass, wéi dee Lycée

soll géréiert ginn. Et gëtt dervu geschwat, dass en an enger éischter Phas soll un de Lycée technique vun Ettelbréck ugegliddert ginn, fir déi Fluxë vun Eléven, déi de Moment op Ettelbréck ginn, ze regléieren, doduerch dass se kënnen op Réiden ëmgepoolt ginn.

Mir fannen - vu dass de Moment den Etat des lieux ass -, dass d'Bauprojeten an Zukunft sollte gläichzäiteg mat de Fonctionnementsprojeten deposéiert ginn, also, wann an nächster Zäit de Projet Réiden als Bauprojet deposéiert géif ginn, misst parallel dozou e Projet iwwert de Fonctionnement deposéiert ginn. A wann een dat mécht, da fannen ech, dass et un der Zäit ass, net méi esou ganz banal Projeten ze deposéieren, wou ee seet: De Lycée Réiden huet en Direkter, e Portier, e Bibliothécaire an esouvill Enseignants, mä dass een deene Lycéeën, wéi d'Mme Hennicot-Schoepges dat scho virun e puer Joer eng Kéier préconiséiert huet, och eege Profiler gëtt.

Mir, an och déi Leit, déi e bësse wëllen originell schoulesch Projeten an d'Wee leeden, hunn eis ëmmer verträschte gelooss. Am Ufank war gesot ginn, nach ënnert der Mme Hennicot-Schoepges, de Lycée Aline Mayrisch de Saint Hubert -net dee vu Saint Hubert, mä dee vum Geeseknäppchen -, géif sech eegne fir en originelle pedagogesche Projet. Dunn ass awer gesot ginn: Dat geet net, well dee Projet ass schonn ze wäit fortgeschratt. Duerno ass gesot ginn: Da versiche mer et zu Mamer. Zu Mamer ware gewësse Leit, déi sech derfir interesséiert hunn, fir an ee Lycée, deen en autonome Projet géif verfollegen, implizéiert ze ginn. Mä do ass och op eemol gesot ginn: Et ass ze spët.

D'Mme Brasseur huet ëmmer esou e Spillche gemaach, et misst ee fir d'éischt eng Direktioun am Enseignement hunn an dann eréischt de Projet. Et ass awer schwierereg, fir Leit ze recrutéieren op der Basis vun engem Projet, deen net existéiert. Dofir ass dat esou bëssen e Cercle vicieux. Mir haten eigentlech gehofft, dass zu Réiden dee géif duerchbrach ginn. Mir hunn d'Hoffnung net opginn, dass Réide vläicht niewent sengen originellen Infrastrukturen, déi jo och op ëmwelttechnescher Basis solle korrekt sinn, och nach een eegene Projet soll kréien, an dofir hunn ech eng Motioun préparéiert, fir där Fuerderung Nodrock ze ginn.

### Motion 2

#### *La Chambre des Députés*

- *rappelant la motion du 2 juillet 1998 votée unanimement par la Chambre et invitant le Gouvernement à étudier le scénario d'une implantation d'un établissement de l'enseignement postprimaire dans le canton de Redange,*

- *rappelant la motion du 11 novembre 2001 votée unanimement par la Chambre et invitant le Gouvernement à concrétiser le projet d'un lycée dans le canton de Redange et à présenter un concept pour son fonctionnement, un ou plusieurs sites envisageables et un projet de construction,*

*invite le Gouvernement*

- *à veiller dans l'élaboration - parallèle à celle d'un projet de construction - d'un projet de loi sur le fonctionnement du futur lycée de Redange à ce qu'un projet pédagogique original, tenant notamment compte des demandes spécifiques des communes et des forces vives de la région, soit conféré à ce nouvel établissement scolaire.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Renée Wagener.*

Ceci dit, bréngen ech als Süddeputéierten an am Numm vun eisen Norddeputéierten a vun allen aneren Deputéierten eisen Accord zu dësem Projet.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Minister vun den öffentlechen Aarbechten, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif fir d'alleréischts wëllen dem Rapporteur meng Mercien ausdrécken, dass en dee Projet hei esou séier wéi méiglech duerch d'Kommissioun duerchkritt huet, wéi ech och der ganzer Kommissioun merci soen an allen Deputéierten, déi dee Projet hei wäerte stëmmen.

Et ass effektiv fir de Lycée du Nord zu Wolz eng Nécessitéit, dass mer mat deem Ausbau, deen ënnert der viregter Regierung ënnert der Leedung vum Här Wohlfart an dem Bauteminister vun deemools ugefaange ginn ass, virufueren, an dass mer déi zweet Phas, déi eng eenzeg Phas soll bleiwen an net nach duerch eng drëtt erweidert soll ginn, esou séier wéi méiglech zu engem gudden Enn féieren.

Ech wëll do vläicht e bëssen déi Zäitofstänn emol dokumentéieren, wann ëmmer gemengt gëtt, et géif net séier genuch goen. Et geet net séier genuch, dat ass evident, mä dofir muss een analyséieren, wou Zäit verluer geet.

Esou ass zum Beispill de Projet vun der éischter Phas den 28. Abrëll 1995 gestëmmt ginn, mä den Ufank vun den Aarbechten, dee war eréischt am Juli 1996, dat heescht, d'Verwaltung déi brauch insgesamt déi doten Zäit, fir hir Detailpläng auszeschaffen. Et muss een also déi Zäit emol mat arechnen. D'Verwaltung kann eréischt ufänken, déi Aarbechten ze maachen, wann de Projet deposéiert a gestëmmt ginn ass. Bei dësem Projet ass et séier gaangen. Ech ka mech net

bekloen. En ass am Dezember 2000 deposéiert ginn, dat heescht et sinn awer sechs Méint tëschent dem Dépôt an dem Vote an der Chamber vergaangen. Wa mer dann elo nach déi Zäit derbäi rechnen, déi mir brauche fir d'Detailpläng ier d'Bauaarbechte kënnen ugoen, da komme mer op méi wéi ee Joer. Mir haten net méi spéit wéi de Mueren am Regierungsrat eng Diskussioun iwwer Systemer, wéi mer kënnen déi Zäite verbessern, fir dass mer mat de Bauaarbechte fir Schoule méi séier virukommen. Mir wäerten eis drëm beméien, dass mer do zu valable Léisunge kommen.

Wat elo de Wëlzer Lycée am Detail ugeet, do ass dee Chantier e schwierege Chantier gewiescht, well all Chantier, wou gläichzäiteg nach Schoul gehale muss ginn a gebaut gëtt, dat ass ëmmer fir all Intervenanten um Site, souwuel d'Schüler wéi och d'Professeren, eng ganz grouss Belaaschtung. De Site Wolz war net einfach. Et huet och vläicht a muncher Hisiicht gedauert bis mer all Propriétéiten zur Verfügung haten, well net ëmmer huet een d'Bereitschaft vun de Propriétaires, fir hir Terrainen oder hir Haiser ofzefrieden, fir dass de Stat do ka bauen.

Dëse schwierege Chantier, dee soll dann awer mat där drëtter Erweiterung zu enger komfortabler Situation fir d'Schüler am Norde féieren, dat heescht, si kréien elo endlech no laanger Zäit Aussiicht op eng schéi Kantin, op eng Cafétéria, op eng anstänneg Sportsinfrastruktur an och op déi néideg Atelieren an dëser Schoul, esou wéi den Här Garcia dat richtig gesot huet, déi all Offere beieneen an engem Gebai huet, déi doduerch och deen interessante Modell, deen hei applizéiert gëtt, wierklech an där beschter Infrastruktur evoluéiere léisst.

Et ass net evident, fir mat Schüler vun esou ënnerschiddlechen Zorten an engem eenzege Schoulgebai an enger Struktur eng gutt Atmosphär ze hunn. Déi Wëlzer, déi hunn dat fäerdeg bruecht a si verdéngen dofir Luef an Unerkennung. Ech géif mech och de Mercien un de scheidenden Direkter uschléissen, ouni dee wahrscheinlech déi Schoul deen Ausbau an deem Sënn net kritt hätt. Ech ka mech erënneren, wéi grouss d'Retizenze waren, wéi de Schrack gemaach ginn ass, fir dass e volle Secondaire sollt dohinner kommen. Dat alles huet awer zu engem gudden Enn gefouert, an et ass dofir och ee Beispill, wéi eng Schoul an enger Regioun zur allgemenger Entwécklung vun der Regioun ka bäidroen.

Wat d'Verdeelung vun de Schüler iwwert déi verschidden Uertschaften an de Kantone Klierf a Wolz ugeet, do ass am Projet de ganz geneeën Detail opgefouert, an ech hu mer erwaart, dass hei elo d'Fro kéim fir e Lycée am Klierfer Kanton. Dofir hu mir eis e bësse mat deenen Zuele beschäftegt, déi am Klierfer

Kanton elo scho sinn. Effektiv gesi mer, dass mer am Schouljoer 2000-2001 eleng am 1. Schouljoer 100 Kanner méi hunn, wéi mer der am 6. Schouljoer hunn. Dat heescht, déi Promotioun vun dësem Joer, déi geet scho mat 100 Schüler méi aus dem 6. Schouljoer eraus, an déi wäerten och mussen a Rechnung gestallt ginn, wa mer weider Infrastrukture plangen.

Ech géif awer ëm Versteesdemech bidden, Här Garcia, well ech si jo awer net esou ganz eleng zoustänneg, fir d'Siten ze definéieren. Dat maache mer gemeinsam. Mir hunn dofir dee schéine Plan sectoriel an déi Aarbecht och gemeinsam gemaach. Ech géif mer virbehale fir d'éischt mat menge Kolleegen aus der Educatioun, der Mme Brasseur, an och dem Minister Wolter aus dem Aménagement du territoire, iwwert dee Standuert am Kanton Klierf ze beroden, well leschten Enns ass och d'Fro vum Transport an deem Plan sectoriel berücksichtegt ginn. All déi Aarbechten hunn all Kéiers d'Fro gestallt: Wéi ass et da mam öffentliche Transport? Hu mer iwwerhaupt d'Méiglechkeeten, fir déi Schüler alleguer dohinner ze kréie mat deem Angebot, wat den öffentlichen Transport an där Géigend huet?

D'Infrastrukturen am Norden, déi hunn an de leschte Joren iwwerhaupt eng Verbesserung kritt. Vergiesse mer net, dass och den Dikrecher Lycée vergréissert ginn ass, dass déi Vergréisserung och nach net ofgeschloss ginn ass, dass en neie Lycée am Réidener Kanton décidéiert ginn ass, an dass am Fong elo schonn de Comité d'acquisition dermat beoptraagt ass, déi néideg Terrainen opzekafen, dass en Neibau vum Lycée technique vun Ettelbréck dringend noutwendeg ass, mä do nach d'Fro vum Site net ganz gekläert ass. Alles dat seet jo, dass mer an der Regioun Norde ganz geschwënn op e Schoulangebot wäerte kënnen zrëckgräifen, wat sech weise léisst, an dat och der Regioun an hirer ganzer Entwécklung gerecht gëtt.

Fir de Moment ass och d'Internat zu Ettelbréck à l'étude, well versicht gëtt, wéi wäit déi al Klinik kann ëmfonctionnéiert ginn zu engem Internat an och eventuell zu enger Infrastruktur fir d'Schoul vun de Professions de santé. Datselwecht gëllt fir d'Internat vun der Dikrecher Hôtelschoul. Eng ganz Partie Projeten sinn also am Norden amgaang. Et si selbstverständlech nach keng Detailer do, wat de Lycée vu Réiden ugeet. Ech sinn awer och der Meinung, dass de Fonctionnement sollt kënnen mam Projet de loi déposiert ginn. Dofir ass déi Motioun mer och sympathesch.

De Problem vun de generelle Verdeelungen iwwert d'Land, dat heescht dee Plan sectoriel, deen erschöpft sech net dodran, dass e Regiounen opweist, wou e

Vide scolaire ass, a Regiounen, wou eng staark Konzentratioun ass, mä dee soll kee contrainanten Agréff sinn an déi Diskussioun ëm d'Carte scolaire, mä eng sektoriell Opdeelung iwwert d'Géigende vun eisem Land ass vill méi delikat, well net ëmmer entsprécht dat, wat e Wonschdenken ass, och der Wierklechkeet, dem Behuele vun den Elteren. An anere Wieder: Net ëmmer ginn d'Kanner dohinner geschéckt, wou se hirem Wunnsätz no missten higeheieren, mä ganz dacks gi Kanner an aner Schoulen, sief dat aus Traditioun, well d'Elteren an där Schoul waren oder sief dat, well d'Eltere se op hirem Wee op d'Aarbecht mathuelen.

Et ass kee Gesetz, dat seet, wa mer Schoulen do bauen, wou d'Leit wunnen, da ginn d'Kanner och an déi Schoulen, déi bei hirer Dier sinn. Dat kënnt ee fir vill Lycéeën mat Beispiller beleeden, déi net hir Klassen effektiver esou voll hunn, déi nach Capacitéiten hunn, an déi awer net besicht ginn, well aner Gebaier, sief et well se méi nei sinn oder sief et aus deene virgenannte Grënn, vun den Elteren an och vun de Schüler virgezu ginn. Et wäert also ouni eng Indikatioun, wou da prioritär d'Kanner sollen ageschriwwen ginn, net goen, soss kann een an deem Sënn net plangen.

Dat gesot, wou kann elo d'Regierung nach weider Zäit aspieren? Déi Zäiten, déi mer opgerechent hunn, déi verdeele sech esou, dass am Fong déi Zäit fir de Bau, vun deem Dag u wou de Chantier leeft, déi kierzten Zäit ass. Déi gëtt berechent mat zwee bis dräi Joer, je nodeem wéi de Chantier organiséiert ka ginn.

Wann dat en Neibau ass, esou wéi mer dat um Geeseknäppchen haten, da gesäit een, datt do an enger Bauzäit vun dräi Joer, alles in allem, de Chantier ofgeschloss war. Dat ass natierlech e Rekord gewiescht. Dat war och eng gutt Aarbecht. Déi war méiglech, well et sech eben ëm e gutt organiséierte Chantier gehandelt huet. Dat wäert ganz bestëmmt zu Wolz méi komplizéiert ginn, well een do verschidde Rücksichte muss huelen, well d'Schoul nach doniewent fonctionnéiert.

Wat dann awer elo déi meeschten Zäit kascht, dat ass d'Zäit vun der Planung a vun der Programméierung. Déi Programmphas hält an der Regel 1,5-2 Joer an, a wann de Programm da steet, da fänkt d'Bauverwaltung u mat dem Avant-projet sommaire, fir dee se och eng Zäit brauch, déi mat 1,5-2 Joer berechent gëtt. Wa mer dann nach dobäi eng komplizéiert Problematik vum Site hunn, da gëtt dat insgesamt eng ganz laang Virbereedungszeit, déi onverantwortlech ass an déi mer wëlle kompriméieren.

Mir wäerten dofir versichen, an der Planungsphas zesummen ze straffen a mir wäerten och versichen, a wéiwäit et méiglech ass, fir standardiséiert Systemer

opzustellen. Ech mengen, net all Lycée muss e komplett neit Gebai an e komplett neie Projet vun engem Architekt sinn, mä et kann een och emol verschidde Modular als fest dohinner setzen, sou dass ee weess, wann een e Lycée classique baut, dann huet een esouvill Klassenäil, an dann hu mer e Modell, dee mer kënne och fir all neie Projet huelen an op deem mer kënne schaffen.

An deem Sënn wäert d'Regierung sech ganz sécher beméien d'Bauzäit ze verkierzen. Mir denken awer, datt mer dat och nëmme fäerdeg brénge mat dem Accord vun der Chamber. Dir wäert vläicht gemierkt hunn, datt Äert Dokument den Devis vun 2,6 Milliarde berechent, an zwar op de Juli 2000. A wa mer de Bauindex elo géifen héichrechnen, dann ass deen Devis scho méi héich. Dat steet jo ëmmer dobäi. Dat ass och am Avis vum Conseil d'Etat mat berücksichtegt. Dat gëtt ëmmer op den aktuelle Bauindex berechent.

Allerdéngs wäert et schwierig gi bei deene Contrainten, déi mer hunn, déi jo eng korrekt Exécution budgétaire viraussetzen, bestëmmten Devisë vun der Chamber net ze iwwerschreiden. Ech soen dat a Richtung vun all deenen, déi haut nach extra Wënsch ugemellt hunn. Anerefalls géif ech mech dann erëm zréck un déi zoustänneg Instanz vun der Chamber wenden.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech lech villmools merci, well mir kënne heimat eng gutt Aarbecht leeschten am Interesse vun de Leit aus dem Norden a vun de Schüler vum Wëlzer Lycée.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4736 a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwer de Projet of.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 58 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weller et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

MM. Jean Colombero (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch (par Mme Renée Wagoner), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagoner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Den Här Rippinger freet d'Wuert.

*Motions*

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, ech wollt eppes zu deenen zwou Motiounen soen am Numm vun eiser Fraktioun.

**M. le Président.-** Entschëllegt, den Här Garcia wëllt nach eng Erklärung ofginn zu sengen zwou Motiounen.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Här President, d'Mme Hennicot huet erkläert, dass, well si eleng hei op weiter Flur ass, se sech wëllt konzertéiere mat hire Kolleegen a Kolleginnen. Dofir si mer eis elo eens ginn, dass mer d'Motioun vläicht a 14 Deeg erëm op den Ordre du jour géifen huelen.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, ech wëll net soen, dass d'Mme Hennicot allein auf weiter Flur ass, sondern si verteidegt a vertritt haut e Projet de loi, wou et sech ëm e Bauprojet handelt.

Wat déi éischt Motioun ubelaangt, wou d'Regierung invitéiert gëtt, fir Etüden ze entaméieren, ech mengen do wier kee Problem. Dat huet d'Mme Minister och gesot. Déi kënne mer haut ofstëmmen. Mir sinn do derfir.

Wat déi aner Motioun ubelaangt, do huet den Här Garcia absolut Recht. Ech géif do gäre Récksproch huele mat der Mme Minister vun der Education nationale, well hei handelt et sech jo net ëm eng Motioun,

déi e Bauprojet ugeet, sondern ëm e Projet de loi iwwert de „fonctionnement futur“ vum Lycée vu Réiden an engem „projet pédagogique“.

Wann den Här Garcia d'accord ass, da géife mir virschloen déi Motioun bis a 14 Deeg an eng vun deene Sétzungen ze verleeën, fir dass mer kënne mat der Mme Minister Récksprouch huelen.

**M. le Président.-** Mir stëmmen dann iwwert d'Motioun 2 of.

*Vote*

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Wien ass dergéint?

D'Motioun 2 ass also ugehall.

D'Motioun 1 gëtt zrëckgesat bis a 14 Deeg.

Wat den nächste Projet ubelaangt, do hätte mer fir 75 Minutte Riedezäit. Dat géing wäit iwwer siwen Auer ewechgoen an dofir wollt ech d'Proposition maachen, fir d'Sétzung vun haut ofzeschlëssen an den nächste Punkt op den Ordre du jour vum 26. Juni ze setzen.

Ass d'Chamber domat d'accord?

*(Assentiment)*

Domat wiere mer um Enn vun eiser Sétzung vun haut ukomm.

D'Sétzung ass opgehuewen.

*(Fin de la séance publique à 18.09 heures)*

|  |                   |
|--|-------------------|
| Communications . . . . .                                       | pages 2113 - 2114 |
| Constitution d'une commission spéciale „Immigration“ . . . . . | page 2114         |
| Ordre du jour . . . . .  | pages 2114 - 2115 |
| . . . . .  | page 2150         |
| . . . . .  | page 2192         |

#### Heure de questions au Gouvernement:

|  |                   |
|--|-------------------|
| - Question 111 de M. Marco Schank relative à la mise en place d'une structure autonome de gestion de transports publics . . . . .  | page 2116         |
| - Question 112 de M. Jean Asselborn relative au sujet de l'incompatibilité entre la version actuelle du projet de loi 4743 portant modification de la loi du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise, telle qu'elle a été modifiée et le programme gouvernemental . . . . . | pages 2116 - 2117 |
| - Question 113 de M. Robert Garcia relative à la position du Gouvernement sur les enjeux éthiques de la directive 98/44/EC sur la protection des inventions en matière de biotechnologie . . . . .   | page 2118         |
| - Question 114 de M. Claude Wiseler concernant l'entrée en vigueur du traité de Nice après le référendum irlandais . . . . .   | pages 2119 - 2120 |
| - Question 115 de M. Lucien Lux au sujet de la composition du comité de direction de la nouvelle société anonyme NewCo dont l'Etat luxembourgeois est le principal actionnaire . . . . .   | pages 2120 - 2121 |
| - Question 116 de M. Mars Di Bartolomeo relative à l'objectivité des cours d'éducation morale et sociale . . . . .   | pages 2121 - 2122 |
| - Question 117 de M. Georges Wohlfart relative au rôle du conciliateur prévu par la nouvelle loi sur le Collège médical . . . . .  | pages 2122 - 2123 |
| - Question 118 de M. Mars Di Bartolomeo relative à la validité des timbres-poste après l'introduction de l'euro . . . . .  | pages 2123 - 2125 |

|  |  |
|--|--|
| - Question 119 de M. Ben Fayot relative à la nouvelle grille horaire proposée dans le cadre de la réforme de la division supérieure de l'enseignement secondaire . . . . .                           | pages 2125 - 2126                                |
| Résolution de Mme Renée Wagener concernant le projet de loi 4743 . . . . .   | pages 2126 - 2132                                |
| Heure d'actualité demandée par le groupe POSL au sujet de la position luxembourgeoise en matière de l'Accord de Kyoto . . . . .  | pages 2133 - 2146                                |
| Question 14 avec débat de M. Alex Bodry sur la politique de l'eau dans le cadre d'une protection intégrée de l'environnement . . . . .   | pages 2146 - 2149                                |
| Dépôt d'un projet de loi . . . . .   | page 2151  |
| Dépôt d'une proposition de loi . . . . .   | page 2151  |
| Interpellation de M. Robert Mehlen au sujet de l'application actuelle de la loi sur le rattachement des biens ruraux ainsi que sur les intentions futures du Gouvernement en cette matière . . . . . | pages 2151 - 2191                                |
| Projet de loi 4654 portant abrogation de la loi du 27 juillet 1993 concernant  |  |
| 1. la création de la zone industrielle à caractère national Haebicht;  |  |
| 2. la création et la gestion de la décharge nationale pour déchets non ménagers et assimilés . . . . .   | pages 2192 - 2213                                |
| Projet de loi 4755 portant modification de la loi modifiée du 21 mars 1997 sur les télécommunications . . . . .  | pages 2213 - 2218                                |
| Projet de loi 4736 relatif à la deuxième phase d'agrandissement du Lycée du Nord à Wiltz . . . . .   | pages 2218 - 2232                                |
| Noriichten „aus der Chamber“ (12) . . . . .  | pages 81 - 88                                    |
| Questions au Gouvernement . . . . .  | pages jaunes 377 - 400 au milieu du compte rendu |